N°45
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Enseignement ginn et sougenannten Coordinateur de cycle. Zu hiren Tâchen gehéieren zum Beispill d'Organisatioun vu wöchentleche Versammlungen, déi an der Reegel 1,5 Stonnen sollen daueren. Do dernieft mussen si zum Beispill och d'Versammlunge leeden, si sinn fir den Ordre du jour verantwortlech an schreiwen uschléissend déi entspriechend Rapporten. Well et sech beim Coordinateur de cycle
ëm e Poste à responsabilité particulier handelt, kréie betraffe Persounen ënnert anerem e Supplement, eng sougenannte Prime de responsabilité. Do dernieft ginn hinnen dës Posten dann och mat Punkten am Echelon ugerechent.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Coordinateur de cycle kréien hei am Land eng Prime de responsabilité?
2. Wéi eng Posten am Fondamental si fir dës Primme eligibel a wéi eng Poste sinn dofir net eligibel?
3. No wat fir enge Krittäre ginn d'Persounen, déi dës Primme kréien, ausgesicht respektiv wat fir eng Fakteure spille beim Choix vun de Persounen eng Roll?
4. Wéi vill Posten am Organigramm ginn et déi dës Primme kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 45 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori**

Am Enseignement fondamental ginn et kloer definéiert Funktiounen, deenen ee Poste à responsabilités particulières zougedeelt gëtt. Des Weidere gëtt et an dësem Zesummenhang eng Reiefolleg vun den eenzele Funktiounen am Organigramm, deene Rechnung gedroe gëtt. Esou falen am Sous-groupe Enseignement follgend Funktiounen ënnert d'Postes à responsabilités particulières fir déi concernéiert Agenten aus dem Enseignement fondamental:

*a) le collaborateur au service scolaire communal avec une demi-tâche administrative au moins ;*
*b) le président du comité d'école et le responsable d'école ;*
*c) l'agent remplissant la fonction d'instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS) aussi longtemps qu'il est déchargé au SCRIPT et rémunéré au grade A2 ;*
*d) le secrétaire CI ;*
*e) le conseiller pédagogique sous condition qu'il encadre au moins trois stagiaires-fonctionnaires et qu'il suit une formation continue pour pouvoir assurer cette fonction ; la personne de référence des employés pendant la période d'initiation sous condition qu'elle encadre au moins trois employés ;*
*f) le membre de la commission nationale de l'enseignement fondamental ;*
*g) le coordinateur de cycle dans l'enseignement fondamental.*

Fir de Sous-groupe vum sozio-edukative Personal aus dem Personalkader vum Enseignement fondamental si follgend Funktioune fir d'Attributioun vun engem Poste à responsabilités particulières festgeluecht:

*a) l'agent qui assure la coordination avec la/les structure(s) d'accueil ;*
*b) l'agent responsable d'école ;*
*c) le conseiller pédagogique (statut fonctionnaire) sous condition qu'il encadre au moins trois stagiaires-fonctionnaires et/ou employés et qu'il suit une formation continue pour pouvoir assurer cette fonction ; la personne de référence (statut : employé) des employés pendant la période d'initiation sous condition qu'elle encadre au moins trois employés ;*
*d) le coordinateur de cycle dans l'enseignement fondamental.*

Fir d'Schouljoer 2023/2024 ginn et insgesamt 989 Membere vum Schoulpersonal, déi e Poste à responsabilités particulières ausüben. Vun dësen 989 Agenten hunn der 702 d'Funktioun vum Coordinateur de Cycle. Fir d'Schouljoer 2023/2024 hunn alleguerten d'Agenten, déi eng vun den uewe genannte Funktiounen aus dem Organigramm ausüben, e Poste à responsabilités particulières.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH